FINANZIELL BÄIHËLLEFE FIR …

## … Nohalteg Mobilitéit

De **Staat** gesäit och finanziell Bäihëllefe vir fir:

- > Vëlo an E-Vëlo
- > E-Motorrad / E-Scooter
- > Elektro- / Waasserstoff-Auto
- > Elektro- / Waasserstoff-Familjen-Auto
- > Elektro- / Waasserstoff-Camionette

D'**Gemeng Rammerich** gesäit finanziell Hëllefe vir fir:

- > Vëlo an E-Vëlo
- > Kannervëlo



| | Staatlech Bäihëllef (Klimabonus) | Kommunal Bäihëllef | Fonds nova naturstroum |
|---|---|---|---|
| **Kannervëlo** (4-18 Joer) | | 50 € | Kuckt w.e.g. d'Broschüre fnn<br>www.fnn.lu oder frot de Link fir di aktuell Broschüre bei Ärem Energieberoder vum Energieatelier no |
| **Vëlo an E-Vëlo** (pedelec25) | Max. 50% vun de Käschten a max. 600 € [7] | 50% vun der staatleche Bäihëllef a max. 300 € | |
| **E-Motorrad / E-Scooter** | Max. 50% vun de Käschten a max. 1.000 € [8] | | |
| **Elektro- / Waasserstoff-Auto** | Max. 50% vun de Käschten a max. 8.000 € [8] | | |
| **Elektro- / Waasserstoff-Familjen-Auto** | Max. 50% vun de Käschten a max. 8.000 € [8] | | |
| **Elektro- / Waasserstoff-Camionette** | Max. 50% vun de Käschten a max. 8.000 € [8] | | |
| **Luedstatioun** | Max. 50% vun de Käschten a max. 750 € [9] | | |
| **Intelligent Luedstatioun** | Max. 50% vun de Käschten a max. 1.200 € [9] | | |


[7] Gülteg fir Rechnungen datéiert tëscht dem 01.04.2022 an 31.03.2024.

[8] Gülteg fir Verkafs-, Locatiouns- oder Leasingskontrakter tëscht dem 01.04.2022 an 31.03.2024.

[9] Gülteg fir Rechnungen datéiert tëscht dem 01.07.2020 an 30.06.2023.

## Simulator fir all Är Bäihëllefen am Wunn- a Mobilitéitsberäich

Simuléiert de Betrag vun Ärer Bäihëllef, déi Dir zegutt hutt.



**Link op de Simulator:**
**https://aides.klima-agence.lu**

Den Energieberoder vum Kanton Réiden hëlleft Iech gäre wann Dir Froen hutt.
T 28 33 44 - info@energieatelier.lu

FINANZIELL BÄIHËLLEFE FIR …

## … d'Installatioun vu Reewaasseranlagen

De Ministère gëtt zënter 2003 eng finanziell Hëllef op Reewaasseranlagen. Bestëmmte Mindestbedéngunge mussen erfëllt si fir vun dëser Hëllef vu bis zu **max. 1.000 €** ze profitéieren. Zënter 2021 huet d'Gemeng Rammerich och eng kommunal Bäihëllef vun **100% vun der staatlecher Bäihëllef**.

Fir méi Informatiounen iwwer d'Bedéngungen, kuckt op:
**https://eau.gouvernement.lu/fr/services-aux-citoyens/Formulaires.html**

| | Staatlech Bäihëllef | Kommunal Hëllef |
|---|---|---|
| **Reewaasseranlag** | 1.000 € | 100% vun der staatlecher Bäihëllef |

PRIMMEN …

## … fir Elektrogeräter

Dir kënnt vun engem **Bonus vun 100 €** beim Kaf vun engem Haushaltsapparat profitéieren, deen op d'mannst der aktuell gefroter Energieklass entsprécht. Dir fannt déi aktuell Konditiounen op www.energieatelier.lu. Primme ginn et fir: **Wäschmaschinn, Trockner, Spullmaschinn, Frigo, Tiefkühler a Kombigerät**.

**www.energieatelier.lu**
**> Rubrik: PRIMES**



ANER PRIMMEN …

### Hydrauleschen Ofglach

Am Fall vun engem hydrauleschen Ofglach a Kombinatioun mam Austausch vun Ärer Zirkulatiounspompel duerch een héichenergieffiziente Modell kann eng **Primm vun 300 €** zougewise ginn. Dës Subventioun gëllt nëmme fir besteeënd Haiser an net fir Neibau.

### Flécken

Profitéiert och vun enger Primm fir d'Reparatur vun engem Haushaltsapparat (Klass A+++) an der Héicht vu 50% vum Betrag vun de Reparaturkäschten, mat engem Plafong vun **100 €**.

**Hutt Dir spezifesch Froen iwwert Äre Projet oder wëllt Dir eng Energieberodung fir Iech d'Verbesserungsméiglechkeeten an Ärem Haus ze weise mat enger Estimatioun vun de Käschte souwéi vun de finanzielle Bäihëllefen?**

**Eisen Energieberoder äntwert gären op all Är Froen, entweder iwwer Telefon oder bei engem RDV (bei Iech doheem oder um Büro). Dës Berodung ass gratis a gëtt vun Ärer Gemeng matfinanzéiert.**

**RUFFT EIS NACH HAUT U FIR ENG GRATIS BERODUNG**


**ENERGIEATELIER**
43, Grand-Rue
Redange/Attert
**28 33 44**
info@energieatelier.lu

ENERGIEATELIER - ÄR INFORMATIOUNSADRESS FIR ALL ÄR ENERGIEFROEN
WWW.ENERGIEATELIER.LU

# SUBSIDEN

AN DER GEMENG RAMMERICH
FIR EE BESSEREN ËMWELTSCHUTZ

**Encouragementsmoossname fir energetesch Sanéierung, erneierbar Energien, aktiv Mobilitéit a spuersam Elektro-Geräter**



Gemeng Rammerich · energie atelier · KANTON REIDEN · PacteClimat · klima agence

Gemeng Rammerich · energie atelier · KANTON REIDEN · PacteClimat · klima agence

# D' PRIMME vun der Gemeng Rammerich

Är Gemeng engagéiert sech fir de Kampf géint de Klimawandel an encouragéiert och seng Awunner am Interessi vun eiser Ëmwelt an eisem Klima ze handelen. A senger Sëtzung vum 25. Mäerz 2021 huet eise Gemengerot d'Reglement guttgeheescht, fir déi nei Primmen op folgende Beräicher festzeleeën:

- **Energetesch Sanéierung** vu Wunngebaier
- Installatioune fir **erneierbaren Energien**

Di kommunal Primme fir d'**aktiv Mobilitéit (Vëlo),** d'**Recuperatioun vu Reewaasser** wéi och déi fir di spuersam **Haushaltsapparater** bleiwen onverännert.

## Wat sinn d'Konditioune fir d'Gemengeprimmen?

Di kommunal Primmen (ausser fir di spuersam Haushaltsgeräter) ginn nëmme bezuelt, wann d'Konditiounen, déi un d'Staatsprimme gebonne sinn, erfëllt sinn. Nodeems Dir di staatlech Subside krut, kënnt Dir di kommunal Primmen ufroen. D'**Preuve dass d'Staatsprimm bezuelt gouf**, muss mat der Ufro fir d'Gemengeprimm matgeliwwert ginn.

- De Benefice vun de Primme gëlt nëmme fir Persounen (net fir Firmen, Gesellschaften,...), déi Besëtzer vun engem Wunngebai um Territoire vun der Gemeng Rammerich sinn.
- Berechtegt fir eng kommunal Primm sinn d'Beneficiaire vu staatleche Primmen, deenen hire Bréif mat der Confirmatioun nom 31.12.2019 resp. 31.12.2017 (Photovoltaïk) datéiert ass.



## ENOPRIMMEN

Zënter 2015 hunn d'Stroum- a Gasliwweranten eng Verflichtung d'Energie-Konsumenten zu Lëtzebuerg ze encouragéiere fir Energie anzespueren, souwuel am Logement wéi och an den ëffentleche Gebaier, an der Industrie, asw.

Dowéinst huet Enovos den *Enoprimes*-Programm an d'Liewe geruff, dee Primme fir Privatpersoune bei Isolatiounsaarbechten, beim Austausch vun engem alen Heizungssystem, bei der Installatioun vun enger thermescher Solaranlag a bei enger Lëftungsanlag mat Recuperatioun vun der Hëtzt virgesäit.

Genau wéi bei de Staatsprimmen ass et wichteg, den Dossier am VIRFELD vun den Aarbechten unzefroen, IERT Dir d'Commande fir d'Aarbechten ënnerschreift. D'Aarbechte musse vun engem Betrib gemaach ginn, dee vum *Enoprimes*-Programm unerkannt ass.

Mir profitéieren hei fir drun ze erënneren, dass och Verwaltungen a Betriber an de Genoss vun den Enoprimme kënne kommen.

**Méi Informatiounen dozou: www.enoprimes.lu**

## FINANZIELL BÄIHËLLEFE FIR ...

# ... fir eng energetesch Sanéierung vun engem Wunngebai

Am Kader vun energetesche Sanéierungsaarbechten un / an engem Haus, wat integral fir **Wunnzwecker genotzt gëtt a mindestens 10 Joer huet**, accordéiert Är Gemeng eng kommunal Bäihëllef vu **25% vun der staatlecher Bäihëllef**.

**Di allgemeng Konditioune vun de staatleche Bäihëllefen (Klimabonus) fir energetesch Sanéierung:**

- Nëmme Sanéierungsaarbechten, déi op Basis vun enger Energieberodung vun engem agreéierte Büro duerchgefouert ginn, sinn eligibel (och dofir kritt Dir eng substantiell Bäihëllef) an d'Aarbechte mussen och punktuell vun dësem Büro begleet ginn. Eng Ausnam gëtt gemaach wou d'Sanéierung sech op een eenzege Bestanddeel vun der thermescher Enveloppe limitéiert.
- Äert Haus muss méi wéi 10 Joer al sinn (Referenz: Datum vun der Baugeneemegung).
- Dir musst d'Mindestbedéngungen a punkto Energie an Nohaltegkeet fir déi renovéiert Baudeeler anhalen.
- Dës Hëllefe gëlle vum **01.01.2022 bis den 31.12.2025**. Den **Datum vun der Rechnung** ass entscheedend.
- D'Renovéierungsaarbechte kënnen eréischt ufänken, wann den Accord de principe vum Staat ausgestallt gouf.

Fir méi Informatiounen iwwert di verschidden Etappen an d'Konditioune fir d'Primmen, profitéiert vun enger gratis Berodung mam Energieberoder vun Ärer Gemeng (Energieatelier - T 28 33 44 - info@energieatelier.lu).

Di ausbezuelte Beträg ginn op Basis vun de Fläche vum Element no der Sanéierung berechent a sinn ofhängeg vum Nohaltegkeetswäert vum benotzten Isolatiounsmaterial (fossil-baséiert, mineralesch, ekologesch) a vun der Déckt vum Material (Performanz Standard I, II, III).

| Bauelement vun der thermescher Enveloppe | Staatlech Bäihëllef (Klimabonus) | Kommunal Bäihëllef | Enoprimes |
|---|---|---|---|
| **Element géint Ausseberäich:** Baussemauer (vu baussen oder bannen isoléiert), Schräg- oder Flaachdaach, Buedemdalle géint Ausseberäich | 25-85 €/$m^2$ ofhängeg vum ekologesche Standard vum Material, vu sengem Undeel u recycléiertem Material a senger Déckt | 25% vun der staatlecher Hëllef | 6 €/$m^2$ [1] |
| **Element géint net beheizten Zone oder Buedem:** Iewescht Dall géint net beheizten Zone, Mauer oder Ënneschtdall géint Buedem oder net beheizten Zone | | | |
| **Fënsteren oder Fënster-Dieren** | 50-60 €/$m^2$ ofhängeg vu der Déckt | | 11 €/$m^2$ [1] |
| **Mechanesch Lëftungsanlag** mat Recuperatioun vun der Hëtzt | 45 €/$m^2$ berechent op Basis vun der energetescher Bezugsfläche (Max. 150 $m^2$) | | Op Ufro |

[1] Spezialaktioun Enoprimes: Verdueblung vun den Hëllefe bis Enn 2022

## FINANZIELL BÄIHËLLEFE FIR ...

# ... fir d'Produktioun vun erneierbaren Energien

Eng kommunal Bäihëllef vu **25% resp. 50% (jee no Installatioun) vun der staatlecher Hëllef** gëtt fir eng Installatioun mat erneierbaren Energien accordéiert.

**Allgemeng Konditioune fir di staatlech Bäihëllef (Klimabonus) fir erneierbar Energien:**

- D'Bäihëllef kann **nom Montage** vun der Anlag ugefrot ginn.
- Dir braucht keen approuvéierten Energieberoder wann Dir eng Anlag mat erneierbaren Energie wëllt installéieren.
- Fir all Installatioun mussen di technesch Ufuerderungen erfëllt sinn. Fir méi Detailer, maacht e Rendez-vous fir eng gratis Energieberodung (Energieatelier - T 28 33 44 - info@energieatelier.lu) oder besicht de Site vun der Klima Agence (aides.klima-agence.lu).
- Dës Hëllefe gëlle vum **01.01.2022 bis den 31.12.2025**.

Vergiesst net Ären Handwierker ze froe fir eng Demande bei der Enregistrementsverwaltung ze maachen en vue vum **reduzéierten TVA-Saz vun 3%**.

| Anlag mat erneierbaren Energien | Staatlech Bäihëllef (Klimabonus) | Kommunal Bäihëllef | Enoprimes | Fonds nova naturstroum |
|---|---|---|---|---|
| **Photovoltaik** (< = 30 $kW_c$) | 2 Méiglechkeeten:<br>- Bäihëllef vu 20% fir d'Installatioun vun der PV-Anlag a garantéierten Aspeisetarif fir 15 Joer (Max. 500 €/$kW_p$)<br>- Bäihëllef vu 50% fir d'Installatioun vun der PV-Anlag a Verzicht op de garantéierten Aspeisetarif (Max. 1.250 €/$kW_p$)<br>D'Akommes vun enger Anlag > 10 $kW_p$ muss versteiert ginn.<br>Eng Bäihëllef fir eng Batterie ass an der Zukunft virgesinn. | 50% vun der staatlecher Bäihëllef | Keng Hëllef virgesinn | 1.500 € fir ee Kombi-System (PV + Batterie + intelligent Borne) |
| **Thermesch Solaranlag** (Waarmwaasser) | 50% vun de Käschten (Max. 2.500 €) [2] | 50% vun der staatlecher Bäihëllef (Max. 1.250 € fir Eefamiljenhaiser) (Max. 7.500 € fir Residenzen) | 35 €/$m^2$ Panneau | 1.500 € wa mat enger anerer Energiequelle kombinéiert |
| **Thermesch Solaranlag** (Heizungsënnerstëtzend) | 50% vun de Käschten (Max. 4.000 €) [2] | 50% vun der staatlecher Bäihëllef (Max. 2.000 € fir Eefamiljenhaiser) (Max. 8.500 € fir Residenzen) | 35 €/$m^2$ Panneau | 1.500 € wa mat enger anerer Energiequelle kombinéiert |
| **Geothermesch Wärmepompel** | 50% vun de Käschten (Max. 12.000 €) [3,4] | 25% vun der staatlecher Bäihëllef | 2.500 € [6] | 1.250 € |
| **Loft-Waasser Wärmepompel** | 50% vun de Käschten (Max. 500€/$kW_{th}$ / Total max. 12.000€) [3,4] | 25% vun der staatlecher Bäihëllef ouni Bonus | 2.500 € [6] | 750 € |
| **Holzhackschnitzelkessel / Pelletsheizkessel** (nëmme fir besteeënd Haiser, net fir Neibau) | 50% vun de Käschten (Max. 750 €/$kW_{th}$ / Total max. 7.500 €) [3,5] | 25% vun der staatlecher Bäihëllef | 500 €-1.000 € | 500 € |
| **Scheetholzkessel** | 50% vun de Käschten (350 €/$kW_{th}$ / Total max. 3.500 €) [3,5] | 25% vun der staatlecher Bäihëllef | 500 €-1.000 € | 500 € |
| **Pelletkessel** | 50% vun de Käschten (Max. 7.500 €) [3,5] | 25% vun der staatlecher Bäihëllef | 500 €-1.000 € | 500 € |
| **Pelletuewen** (heizungsgebonnen) | 30% vun de Käschten (Max. 2.500 €) | 25% vun der staatlecher Bäihëllef | Keng Hëllef accordéiert | 500 € |
| **Installatioun vun engem Wärmenetz** | 50% vun de Käschten (Max. 12.500 €) | Keng Hëllef accordéiert | Keng Hëllef accordéiert | Keng Hëllef accordéiert |
| **Uschloss un ee Wärmenetz** | 50% vun de Käschten (Max. 3.750 €) [3] | Keng Hëllef accordéiert | Keng Hëllef accordéiert | Keng Hëllef accordéiert |
| **Filter op enger Holzheizung norüsten** | 50% vun de Käschten (Max. 1.500 €) | Keng Hëllef accordéiert | Keng Hëllef accordéiert | Keng Hëllef accordéiert |
| **Masuttstank entsuergen** | 50% vun de Käschten (Max. 2.000 €) | Keng Hëllef accordéiert | Keng Hëllef accordéiert | Keng Hëllef accordéiert |

[2] Kombinatiounsbonus vun € 1.000 wann d'Solaranlag mat engem aneren erneierbaren Energieheizsystem kombinéiert gëtt.
[3] Ersazbonus vun 30% vum Klimabonus-Betrag wann Dir Är fossil Heizung ersetzt duerch en Heizsystem mat erneierbaren Energien.
[4] Upassungsbonus vun 2.000 € wann d'Heizkierper an d'Heizleitungen un den neien Heizsystem ugepasst sinn.
[5] Puffertankbonus vu 15% vum Klimabonus-Betrag wann e Puffertank mat enger Mindestkapazitéit vun 30 l/kW geplangt ass.
[6] Enoprimes Spezialaktioun: Verdueblung vun der Hëllef bis Enn 2022.